n° 3638

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 17:39, 12/02/2021

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Mobilitéit weiderzeleeden.**

Den éischte Luuchte-Radar gouf am Oktober 2020 op der Stäreplaz installéiert. An engem Gespréich mam Wort am Januar sot de Minister:

> *Die Testphase läuft ja bereits, voraussichtlich im Februar soll das Gerät aber endgültig operationell sein. Die ersten Resultate vor Ort sind allerdings erschreckend. An einem Tag wurden Hunderte Verkehrsteilnehmer geblitzt. [...] Es wird nicht der einzige Ampelradar bleiben.*

Den 11te Februar gouf d'Gesetz gestëmmt, also kann de Radar elo ufänken offiziel ze blëtzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fotoen huet de Luuchte-Radar bis elo an der Testphase scho geschoss?
2. Wéi vill Deeg mëscht de Radar an der Testphase elo scho Fotoen?
   - Wéi vill Deeg war en am Oktober aktiv?
   - Wéi vill Deeg am November?
   - Wéi vill Deeg am Dezember?
   - Wéi vill Deeg am Januar?
3. Wou ginn dës Fotoe gespäichert? Wou stinn d'Serveren op deenen se gespäichert ginn? An wat fir Fichiere ginn se gespäichert?
4. Ginn dës Fotoen anonymiséiert ier se op engem Server gespäichert ginn? Gëtt dës Anonymiséierung also automatesch virum späichere gemaach oder nodréiglech per Hand?
5. Wéi laang gëtt eng Foto no der Opnam gespäichert?
   Wouvun hänkt Dauer vun der Späicherung of?

6. Wéi eng Servicer kënnen dës Fotoe consultéieren? Ëm wéi vill Persounen handelt et sech heibäi?

7. Hunn dës Persounen a Servicer sech an der Vergaangenheet an engem Log File missten androen an de Grond fir hier Notzung uginn, ier se Accès zu den Date kruten?

Mat déiwem Respekt, Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 09:48, 19/03/2021

Luxembourg, le 19 MARS 2021

**Objet : Question parlementaire n°3638 du 12 février 2021 de Messieurs les Députés Sven Clement et Marc Goergen concernant « Radar feu rouge »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op parlamentaresch Fro n° 3638 vum 12. Februar 2021 vun den honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwert " D'Fotoen vum Luuchte-Radar "**

*Ad Fro 1 bis 4*

*1. Wéi vill Fotoen huet de Luuchte-Radar bis elo an der Testphase scho geschoss?*

6.432 Fotoen wéinst enger net respektéierter rouder Luucht.
3.816 Fotoen wéinst engem Iwwerschreiden vun der erlaabter Geschwindegkeet.

*2. Wéi vill Deeg mëscht de Radar an der Testphase elo scho Fotoen?*
*Wéi vill Deeg war en am Oktober aktiv?*

Oktober 2020: 25 Deeg

*Wéi vill Deeg am November?*

November 2020: 30 Deeg

*Wéi vill Deeg am Dezember?*

Dezember 2020: 31 Deeg

*Wéi vill Deeg am Januar?*

Januar 2021: 31 Deeg

*3. Wou ginn dës Fotoe gespäichert? Wou stinn d'Serveren op deenen se gespäichert ginn?*
*An wat fir Fichiere ginn se gespäichert?*

An der Testphase ginn dës Fotoen just lokal um Equipement selwer ofgespäichert a goufen ob keng aner Serveren transferéiert. Wann d'Equipement legal bis a Betrib ass, ginn dës Fotoen (.jpg) ob deene selwechte Serveren ofgespäichert an traitéiert wéi déi aktuell Fotoen vun de Vitesseinfraktiounen. Dës Servere stinn all an Datacenteren zu Lëtzebuerg a gi vum Staat geréiert.

*4. Ginn dës Fotoen anonymiséiert ier se op engem Server gespäichert ginn? Gëtt dës Anonymiséierung also automatesch virum späichere gemaach oder nodréiglech per Hand?*

Wann eng Persoun säin Dossier an den CSA kucke kënnt, gëtt d'Foto esou opbereet, dass just de Fuerer ze erkennen ass. Dës Anonymiséierung gëtt, informatesch ënnerstëtzt, vun enger Persoun per Hand ëmgesat.

*Ad Fro 5*
*5. Wéi laang gëtt eng Foto no der Opnam gespäichert? Wouvun hänkt Dauer vun der Späicherung of?*

An der Testphase ginn d'Fotoen automatesch no 5 Deeg am Equipement geläscht ouni dass se éierens wou anescht transferéiert ginn.

Wann e Gefier ausserhalb vun der Testphas geblëtzt gëtt, wäerten d'Fotoe enregistréiert a konservéiert ginn esou wéi virgesinn am Artikel 4 vum Règlement grand-ducal du 7 août 2015 autorisant la création d'un fichier et le traitement de données à caractère personnel dans le cadre du système de contrôle et de sanction automatisés (RGD CNPD):

> « Art. 4. -Durée de conservation des données enregistrées.
> (1) Les photos enregistrées sont effacées au plus tard deux semaines après l'acquittement de l'avertissement taxé.
> En cas de procédure pénale, ce délai court à compter du jour où le dossier a été définitivement classé sans suite, où la décision judiciaire n'est plus susceptible d'aucun recours ou où l'action publique est prescrite.
> Les photos enregistrées non exploitables sont effacées au plus tard deux mois après leur enregistrement.
> (2) Les autres données enregistrées peuvent être conservées dans le fichier créé en vertu de l'article 1er, paragraphe 1er, jusqu'à trois ans après le paiement de l'avertissement taxé.
> En cas de procédure pénale, ce délai court à compter du jour où le dossier a été définitivement classé sans suite, où la décision judiciaire n'est plus susceptible d'aucun recours ou où l'action publique est prescrite.
> Au-delà de cette période de trois ans, les données en question peuvent uniquement être conservées sous forme anonymisée.
> (3) En cas d'infraction donnant lieu à un procès-verbal, les données gérées par le Centre de constatation et de sanction des infractions routières, ci-après désigné le «Centre», qui sont en relation avec cette infraction sont à considérer comme des données judiciaires au sens de l'article 8 de la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel.
> (4) Au cas où une infraction constatée ne donne lieu à établissement ni d'un avertissement taxé, ni d'un procèsverbal, les données y relatives sont effacées après l'expiration du délai de prescription de l'action publique. »

*Ad Fro 6*
*6. Wéi eng Servicer kënnen dës Fotoe consultéieren? Ëm wéi vill Persounen handelt et sech heibäi?*

An der Testphase huet just den Techniker vum Ubidder punktuell an ënnert Opsiicht Zougang ob déi Date fir d'Equipement ze ajustéieren.

Ausserhalb der Testphase hunn ënnerhalb vun der Police déi 21 Agente vum Service UPR-CSA Accès op d'Fotoen déi geschoss ginn.

*Ad Fro 7*
*7. Hunn dës Persounen a Servicer sech an der Vergaangenheet an engem Log File missten androen an de Grond fir hier Notzung uginn, ier se Accès zu den Date kruten?*

D'Aktioune vun der Police hiren Agente sinn am Logiciel vum CSA retracabel unhand vun hirem Login personnel. D'Motiv vum Accès ass ginn doduerch dass den Zougang op d'Fotoe Bestanddeel vun der Aarbecht vun dem concernéierte Service (UPR-CSA) ass.

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Adresse postale :
L-2916 Luxembourg
Tél. (+352) 247-74610
Fax (+352) 247-94678
www.gouvernement.lu/msi
www.luxembourg.lu